ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Infrastruktur- an Transportminister weiderzeleeden.

Bei de schroen Héichwaasser vum 14.–16. Juli goufen hei am Land eng Rei Stroossen an ëffentlech Infrastrukture schwéier beschiedegt, dorënner och d'Nationalstrooss 364 déi d'Uertschaft Bäerdref mam Grondhaff an domat och mat der Dikrecher Strooss Richtung Nordstad verbënnt. No mengen Informatiounen, gouf der Gemeng Bäerdref vun de Verantwortleche vu Ponts et Chaussées zougeséchert, datt d'Strooss bis zum Schoulufank, de 15. September nees soll opgoen. Wéi mëttlerweil gewosst ass, hunn d'Aarbechten opgrond vun interministeriellen Differenzen iwwer d'Finanzéierung awer nach guer net ugefaangen. D'Repercussioune fir de Privat- a Schoultransport falen entspriechend aus.

Duerfir géif ech dem Här Infrastruktur- an Transportminister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Kann den Här Minister dës Virgäng confirméieren? Wann net, wéi reagéiert hien dorop?
2) Wéi ee Montant gouf fir de Reamenagement vun där uewe genannter Strooss envisagéiert? Ënnert wéi engem Budgetsartikel sollten dës Sue fléissen?
3) Fir wéini soll d'Strooss opgrond vun deene beschriwwenen Entwécklungen nees opgoen? Wéi vill sollen dës Aarbechte kaschten an ënnert wéi engem Budgetsartikel sollen d'Sue schlussendlech fléissen? Wéi ee Ministère trëtt als Bauhär op?
4) Kann den Här Minister eng generell Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi eng Stroosse vum Héichwaasser betraff waren, bis wéini se solle gefléckt ginn, ob den urspréngleche Delai kann agehale ginn a wéi vill déi eenzel Reamenagementer kaschten? Kann den Här Minister fir déi Fäll, wou den urspréngleche Zäitplang net kann agehale ginn, den neien Datum preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten